## Menster an Ouljer Musek : Summerconcert am Syrkus den 8.Juni 2024.

**Rapport Versammlung vum 2.Abrëll 2024:**

| **Präsenzen:** | |
|---|---|
| Menster Musek: | Jeff Dondelinger, Jeannot Goergen, Christiane Goergen, Dan Hensel, ? Georg, Christian Büchler |
| Ouljer Musek: | Jo Steffes, Remy Steffes, Pier Steffes, Sandra Goedert, Jim Meisch, Jacques Krier, Paul Kieffer |

**Concert Samschdes de 8.Juni am Syrkus:**

- D'Menster an d'Ouljer Musek spille Samschdes den 8.Juni zesummen e Concert zu Rued/Syr am Syrkus.
- Den Ufank vum Concert ass um 19.00 Auer.
- D'Entrée ass fräi.
- Mir spillen ouni Tribünen (vum Mich Vogel confirméiert > Paul).
- Tenue: Uniform
- Moderatioun – eventuell Annick, muss awer nach confirméiert ginn.
- De Programm vun de Stécker gëtt nach definitiv vun den Dirigente festgeluecht.

  Reiefolleg  vun den Optrëtter:

  1. Menster+Ouljer Jugend
  2. Menster Musek.
  3. Ouljer Musek
  4. Paus :
     Mir zerwéieren en Iessen.
     Wichteg:  D'Musikante kréien hiert Iessen nom Concert zerwéiert.
  5. Menster+Ouljen +Jugend

**Prouwen:**

Reservatioune vum Syrkus fir d'Prouwen : 3.+4.+5.+6. Juni.
D'Generalprouf ass Donneschdes de 6.Juni.
Minimum 2 gemeinsam Prouwen am Syrkus.
D'Opdeelung vun de Prouwen muss nach festgeluecht ginn. Dënschdes (4.Juni) geet et dem Tim net.
De Jeannot freet beim Philharmonia Orchester d'Erlabniss fir hir Pauken ze gebrauchen.

**Publicitéit:**

- De Jeff entwërft e Flyer (op Basis vun 2023) mam Programm vum Concert an de respektiven Sponsoren drop (de Jim schéckt him eng aktualiséiert Lëscht mat Logoen vun der OM hire Sponsoren). De Jeff bestellt 3.500 Exemplaren (2.500+1.000) bei Online Printers.
- De Jeff verschéckt per Mail déi definitiv Versioun vum Flyer-PDF u verschidde Membere vun de Veräiner zwecks Weiderverbreedung.

- Mir maache Kopien (Save the Date!) vun der 1.Säit vum Flyer fir um Blummemaart ze verdeelen (Paul).
- De Präis an d'Infoen fir d'Virbestellung vum Menü kënnt op de Flyer stoen.
- D'Virbestellunge vun de Menüen hëlt de Gilbert Dondelinger entgéingt. Den E-Mail + Telefonsnummer vum Gil Dondelinger (Menster Musek) Kënnt op de Flyer. ( gildondel@pt.lu tél 621 505080).
- Virbestellunge vun de Menue gi bis den 31.Mee ugeholl
- D'Verdeele vun de Flyere gëtt vun den 2 Veräiner gemaach. Opdeelung a Verpaken an d'Enveloppen an der Versammlung vum 21.Mee.
- Verdeele vun de Flyer :

| | |
|---|---|
| *Rued-Sir* | Memberen Menster Musek |
| *Menster* | Memberen Menster Musek |
| *Bierg* | Memberen Menster Musek |
| *Betzder* | Memberen Menster Musek |
| *Banzelt* | Memberen Menster Musek |
| *Ouljen* | Memberen Ouljer Musek |
| *Fluessweiler* | Memberen Ouljer Musek |
| *Roudemer* | Memberen Ouljer Musek |
| *Eschweiler* | Memberen Ouljer Musek |

- De Mailing vun de Flyere mécht de Paul
- Alternativ kënne mir eventuell d'Flyer mat an engem Gemengebuet verdeele loosse falls ëm déi Zäit een erausgeet. D'Christiane freet am Gemengesekretariat no.
- Mir riichte Panneaue laanscht d'Strooss op. Den Dan léisst Opkliewer fir op d'Panneaue drécken a gëtt dem Remy d'Opkliewer fir d'Ouljer Musek. D'Autorisatioun vun Ponts et Chaussées fir Panneaue laanscht d'Stroossen opzeriichte gëtt vum Paul ugefrot :
  - N1 tëscht Nidderanwen an Rued-Sir
  - N1 tëscht Bierg a Potaschbierg
  - N1 tëscht Rued-Sir a Banzelt
  - CR122 tëscht Ouljen a Banzelt
  - CR122 tëscht Roudemer an Ouljen
  - CR142 tëscht Fluessweiler an Uewerdonwen
- Annoncen: Muselzeidung, -> Paul

**Catering:**

- De Menü gëtt an der Paus zerwéiert.
- De Menü preparéiere Membere vun den 2 Veräiner selwer:
  Menü 1 : Assiette gourmande mat Fleesch
  Menü 2 : Assiette gourmande mat Fësch
  Menü 3 : Assiette végétarienne
- D'Sandra Goedert bekëmmert sech ëm den Akaf vun de Wuere fir op d'Assiette.
- De Präis fir all Menü bleift bei 25,- €.
- Nieft dem Menü verkafe mir och Bréidercher. ( 35 Ham, 35 Wirschtercher, 25 Salami a 25 Kéis ), déi mir selwer preparéieren (de Präis muss nach fixéiert ginn). D'Fleesch fir d'Bréidercher

bestellt de Steve beim Metzler Lucien Saeul zu Iechternach. D'Bréidercher ginn den Dag vum Concert Samschdes  moies vun eis preparéiert.

- D'Sandra Goedert keeft Zerwéiten, de Kéis an de Botter fir d'Bréidercher.
- D'Bréidercher vir de Verkaf, + kleng Bréidercher fir beim Menu + e puer Zorten Taarten  ( +/- 8 Taarten, ofhängeg vun der Unzuel Commande vum Menü) bestellt d'Sandra Goedert beim Liss.

- Mir verkafe follgend Gedrénks: (d'Präisser ginn an der nächster Versammlung festgeluecht).

| | | Verkafspräis: | Fournisseur: | Commande: |
|---|---|---|---|---|
| **Softdrinks** | Cola, Fanta, Sprite | 2,50€ | Ruppert | Jeff |
| | Rosport,Viva | 2,50€ | " | " |
| | Orangejus | 3,00€ | " | " |
| | Rosport Viva PET Fläschen | fir d'Musikanten | " | " |
| **Alkoholesch Gedrénks** | Béier (Diekirch) | 3,00€ | Ruppert | Jeff |
| | Rosé | 4,00€ / 18,00€ | ? | " |
| | Wäisse Wäin | 4,00€ / 18,00€ | ? | " |
| | Roude Wäin | 4,50€ / 20,00€ | ? | " |
| | Apérol | 7,00€ | | |
| | Crémant | 4,0€ / 20,00€ | ? | Jeff |
| | Äppelikör/Friichtelikör | 4,00€ | Remy | Remy |
| | Pomodos | 4,00€ | " | " |
| | Neelchesbier | 3,50€ | " | " |
| | Mirabelle | 4,00€ | " | " |
| | Vieille Prune | 4,00€ | " | " |
| **Kaffi** | | 2,50€ | ? | Sandra (Ouljen) |

- D'Sandra Goedert beschaaft Kaffi, Méllech, Zocker, Orangen (Apérol) an Äiswierfelen.
- De Paul bekëmmert sech em d'Präisléschten
- De  Jeff bestellt de Cremant an de Wäin. Hien bestellt och d'Gedrénks beim Ruppert.
- Den Dan besuergt Dréppeglieser an Apérolglieser.
- D'Kees mécht de Fernand Kauffmann an de Gilles Dondelinger.

<u>An der nächster Versammlung muss nach geklärt ginn:</u>

- Déschdekoratioun?
- Verdeele vu Gedrénksbongen (wifill fir Jugendmuseker respektiv erwuesse Museker?).
- Preparatioun vun de Menübongen?
- Stapelregaler fir Telleren?
- Wéi eng Läit maachen de Comptoir ?
- Preparatioun vum Apérol ?
- Wien mecht de Service vum Gedrenks am Sall?
- Wien mécht d'Spull?

**Tombola:**

- Déi zwee Veräiner organiséieren zesummen eng Tombola déi si wärend dem Concert verkafen.
- All Veräin mécht en Opruff u seng Memberen a Sponsore fir jeeweils +/- 25 Präisser respektiv Corbeillen fir d'Tombola ze spendéieren.
- De Jeannot bekëmmert sech ëm d'Uschafe vun de Lousen (500 + 50 Gewënner) an ëm d'Nummeréiere vun de Gewënner.
- De Präis fir 1 Lous gëtt op 2,50€ festgeluecht.
- De Verkaf vun de Louse maachen d'Jugendmusikanten (2 Equippen) wärend de Pausen an dem Iessen.

**Bünentechnik a Beliichtung:**

- D'Bünebeliichtung an d'Lautsprecheranlag si bei der Gemeng ugefrot (Paul)
- De Jeannot koordinéiert de Büneplang an d'Beliichtung mam David Scholtes vun der Gemeng. (Bün 2 Meter méi déif)
- D'Bün gëtt normalerweis no hanne mat engem, an no vir mat 2 Dëscher vergréissert.
- E Sécherheetsgelänner gëtt ronderëm d'Bün fixéiert
- D'Riednerpult gëtt un Lautschprecheranlag ugeschloss.

**Finanzen:**

- Déi zwee Veräiner deelen sech d'Onkäschten an d'Recette vun dësem Concert.
- D' Keessière vun der Ouljer Musek (Sandra Weyer) bekëmmert sech em d'Keesen: eng Haaptkees fir de Comptoir, eng Bongekeess an der Entrée, eng Kees fir beim Kaffi a Kuch, an +/- 6 Portmonnien fir de Service an den Tombolasverkaf.
- Acceptéiere mir Payconiq fir Bezuelung??

**Virbereedung an Ofrappen:**

Preparéieren vun den Assietten: Samschdes Mëttes um 14.00 Auer
Preparéiere vun de Bréidercher: Samschdes muerges ab 10.00 Auer
Opriichte: Samschdes 10.Juni ab 10.00 Auer
Ofrappen: Sonndes 11.Juni ab 9.00 Auer

**Summerconcert 2025.**

Déi zwee Veräiner fixéieren den Datum fir de Summerconcert 2025 op de7.Juni 2024 (alternativ 14.Juni)

**Déi nächst Versammlung ass Dënschdes den 21.Mee um 20.00 Auer zu Menster an der Schmëtt.**